ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Op den 1. Oktober 2018 hat d'Lëtzebuerger Zentralbank e «Guthaben» vun net manner wéi 212 Milliarden Euro an dem Kompensatiounssystem «Target 2» vun der Europäescher Zentralbank. Lëtzebuerg läit domadder op der zweeter Plaz hannert Däitschland mat 912,4 Milliarden Euro. Zu de Länner mat der gréisster Schold am Target2 System gehéieren Italien (Minus 492,5 Milliarden Euro a Spunien (Minus 389,1 Milliarden Euro).

De Prinzip vun engem Kompensatiounssystem oder Kontoausgläichsystem misst sinn, datt d'Konte reegelméisseg saldéiert ginn, zum Beispill all Owes oder eemol an der Woch.Sollt eent vun de grousse Scholdnerländer senge Verflichtungen net méi nokommen, an den Target2-system an d'Bréch goen, stéing Lëtzebuerg virun engem risege Problem, d'Bankeplaz kéint esou kollabéieren. Dobäi ass gewosst, datt Italien nees gréisser finanziell Problemer muss meeschteren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1) *Ass d'Regierung sech de Risike vum Target2 System fir Lëtzebuerg bewosst?*
2) *Am Respekt vun der Onofhängkeet vun der Europäescher Zentralbank, wäert d'Regierung innerhalb vum Europäeschem Ministerrot an den Euroinstanze plaidéieren, fir den Target 2 System nees an den Equiliber ze bréngen an duerno ze suergen datt d'Saldë regelméisseg an a kuerzen Ofstänn soldéiert ginn, wéi zum Beispill an der amerikanescher Federal Reserve?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique